# Rapport Referees' Commission - 21.01.2025

Present : Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Simonelli

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 26.11.2024***

2) ***Besserungswënsch fir de Präsi***
*D'RefCom wënscht hirem Präsi eng gutt Besserung an hofft, dass hie gläich nees an de Versammlungen deel huele kann.*

3) ***EHF Young Referees (YRP)***
*De Luca Stock an den Tommy Dilber si fir den YRP bei der EHF gemellt ginn. D'RefCom wënscht hinnen alles Guddes, wëll si awer och direkt drop hiweisen, dass d'Aarbecht elo réischt richteg ugeet. Wéi an ob et weider geet, leit an hirer Hand.*

4) ***Tester Play-off***
*D'RefCom huet den Arbitter 2 Datumer proposéiert fir d'Tester vum Play-off. Duerch verschidden novollzéibar Ëmstänn, konnt awer net all Arbitter sech presentéieren. Fir dës Arbitter – mat valabelen Excusen – gëtt eng 3. Sessioun organiséiert.*
*Wien dës 3. Kéier seng Tester net mécht, oder net genuch kritt, wäert dës Saison net am Play-off AXA agesat ginn.*

5) ***Problem Arbitrage 1 :***
*D'RefCom huet déi éischt puer Méint vun dëser Saison vill Remarken iwwer eng Arbitterkoppel gemaacht krut. Dës Koppel ass och eng Zeit net agesat ginn. D'RefCom huet déi Zeit genotzt, fir mat Spiller an Offizieller ze schwätzen. Hei ass kloer erauskomm, dass den Haaptproblem bei engem vun de 2 Arbitter leit, an de Partner hie meeschtens just ënnerstëtzt huet.*
*No all den Informatiounen déi d'RefCom krut, freet d'RefCom den CA, fir dass den Arbitter deen d'Problemer gemaacht huet, vun der Lëscht vum Corps arbitrale gestrach gëtt. D'RefCom gesäit kee Problem, wann den aneren Arbitter weider päife geet.*
*Déi 2 Arbitter sinn iwwert dës Decisioun vun der RefCom informéiert ginn.*

6) ***Problem Arbitrage 2 - Rapporte vu rouden a rout-bloe Kaarten :***
*Leider goufen a leschter Zäit nees verschidde Rapporte vun Arbitter ze spéit, guer net oder mat onkohärenten Informatiounen era geschéckt. Fir dat an Zukunft ze vermeiden, huet d'RefCom follgend Strofe virgesinn, déi ab direkt appliżéiert ginn.*
*Déi 1. Kéier kritt den Arbitter eng Verwarnung, déi 2. Kéier gëtt den Arbitter fir e WE gespaart, a säi Club informéiert. Bei der 3. Kéier kritt den Arbitter eng Geldstrof déi de « frais de match » entspriechen a gëtt net méi agesat, bis dass d'Strof bezuelt ass.*

*Wat "falsch" Rapporten ugeet, i.e. ee Reegelverstouss duerstellt, gëtt de Rapport och nach vum RCA an Zesummenaarbecht mam Büro vun der FLH annuléiert an d'RefCom an de betraffene Club informéiert. Dëst gëllt natierlech net fir Tatsaachenentscheedunge vun den Arbitter (z.B.: rücksichtslos oder besonders rücksichtslos)*

7) ***Problem Arbitrage 3 :***
*D'RefCom wëll d'Arbitter drop hiweisen, dass si mat Zäiten MUSSEN op engem Match sinn. Dëst si 60 Minutte fir een AXA-League Match an 30 Minutte fir all anere Match. Sollt kuerzfristeg eng Verspéidung entstoen, MUSS den Arbitter dem Heemveräin, respektiv an der Sportshal Bescheed soen.*

8) ***Problem Arbitrage 4:***
*Een Ex-Arbitter hat gefrot fir nees reaktivéiert ze ginn. Op d'Informatioun, dass hien am Januar kéint d'Tester maachen ass keng Reaktioun méi komm.*

9) ***Problem Arbitrage 5:***
*Een Arbitter huet 2 mol onentschëllegt op engem Match gefeelt. Och ass op méi Mailen, keng Äntwert komm, sou dass den Arbitter net méi agesat gëtt. Säi Veräin ass informéiert.*

10) ***Prag Handball Cup***
*9 Arbitter an 2 Delegué si fir de Prag Handball Cup ugemellt. Hei ginn nach 1-3 Arbitter gesicht. Ee méi géif d'Koppele komplett maachen, a mat 3 méi kéinte mir 2 Halen zu Prag integral iwwerhuelen. Interesséiert Arbitter kënnen sech nach ëmmer beim Noémie mellen. (noemie.keiffer@yahoo.de)*
*Den Transport ass zesumme mat enger Ekipp am grousse Bus, an et ginn 2 Mini-Busse fir d'Arbitter organiséiert, fir zu Prag an déi verschidden Halen ze fueren.*

11) ***Rollstull Handball :***
*Den HBD an d'RefCom sichen nach eng Koppel Arbitter déi um Youth Cup 2025 e Match am Rollstull Handball leede géifen. Interesséiert Arbitter sollen sech beim HBD oder der RefCom mellen.*

12) ***Responsabele Besetzungskommissioun :***
*An de leschte Méint sinn ëmmer méi a méi kuerzfristeg Ofmeldunge komm. De Responsabele vun der Besetzungskommissioun hat eng Onmass Aarbecht domadder. D'RefCom sicht eng Léisung fir d'nächst Saison. Leider kann et da virkommen, dass e Match ausfale muss, well keng Arbitter disponibel sinn.*

13) ***Cours Delegué:***
*Well d'Berichter vun den Delegué, iwwert d'Leeschtunge vun der Arbitter, e puer Onstëmmegkeeten (verschidden Aart a Weise wéi ze bewäerten ass) opweisen, organiséiert d'RefCom an der nächster Zeit eng Formatioun fir d'Delegué, wéi déi Rapporte richteg auszefëlle sinn.*

14) ***Examen nei Delegué:***

*4 Leit hunn de Cours vum Delegué matgemaach. D'RefCom invitéiert 3 vun deene 4 fir den Examen ze maachen. Déi 4. Persoun gëtt duerch divers Virfäll net berücksichtegt.*
*D'Ufro vun engem EHF Arbitter fir och ouni Cours dierfen den Examen ze maachen, ass positiv ukomm, an den Arbitter wäert och op den Examen ageluede ginn.*
*Den Exame gëtt an den nächste Wochen organiséiert.*

15) ***Jeunes Arbitres :***

- *De Francis an d'Noémie Keiffer hunn e puer Formatioune fir „jeunes arbitres" ofgehalen, déi allgemeng gutt besicht waren. Op der Formatioun fir d'Tuteur vun de JA, haten awer leider just 2 Veräiner e Responsabele geschéckt.*
- *D'Rechter an d'Pflichte vun engem Tuteur kënnen am Dokument nogekuckt ginn, dat een um Site vun der FLH fënnt.*

*https://www.flh.lu/fileadmin/user_upload/Les_jeunes_arbitres_et_leurs_tuteurs.pdf*

- *Nei T-Shirte fir JA sinn an der Bestellung.*
- *Et gëtt eng Charte ausgeschafft, fir jonk Spiller a jonk Arbitter bei hiren Aufgaben ze ënnerstëtzen.*

16) ***Tenue fir d'Arbitter :***

*D'RefCom ass der Meenung, dass am Moment déi 3 Uniforme vun den Arbitter nach duer ginn. A Plaz enger neier Uniform, freet d'RefCom fir eventuell Polo oder Jackette fir d'Arbitter ze kréien.*

**Nächst RefCom: Dënschdes de 04. Mäerz 2025 um 18h30 zu Stroossen.**